N°2700
Entrée le 30.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 31.07.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2025

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister, un d'Madamm Justizministesch an un d'Madamm delegéiert Ministesch fir Medien a Connectivitéit weiderzeleeden.

Rezent Berichter an der Press an Aussoe vu Betraffenen weisen op e reegelrechte Bedruch duerch gefälscht Internetsäiten hin, déi souwuel déi offiziell Websäit vun der BIL wéi och LuxTrust imitéieren. D'Affer hu gréisstendeels net gemierkt, datt si op engem Fake-Site waren, a goufen esou ëm Dausende vun Euroe geprellt, déi vun hire Kontoe geklaut goufen. Dobäi ass et besonnesch beonrouegend, datt trotz gesate Plainte, wéineg schéngt ënnerholl ginn ze sinn, fir dës Säite séier zouzemaachen a weider Attacken ze verhënneren.

Dofir eis Froen un den Här Finanzminister, un d'Madamm Justizministesch an un d'Madamm delegéiert Ministesch fir Medien a Connectivitéit weiderzeleeden:

1. Wéi erkläert sech d'Tatsaach, datt sou gefälschte Säiten iwwer Wochen oder souguer Méint kënnen aktiv bleiwen, trotz engem séieren Hiwäis duerch d'Affer a Plainte bei de Beamten?
2. Wéi eng Mesuren si vun de Betriber selwer (z.B. BIL, LuxTrust) an de zoustännegen Autoritéiten ënnerholl gi fir esou Bedruch ze verhënneren an d'Sécherheet vun de Clienten ze garantéieren?
3. Wat gesäit d'aktuell Gesetzgebung vir, fir esou Attacken ze bekämpfen? A wéi eng Sécherheetsmoossnamen existéieren am Kader vum digitale Schutz vun de Bierger?
4. Wou gesäit d'Regierung eventuell Lacune bei der Uwendung vun deenen Instrumenter, déi verfügbar sinn?
5. Wéi wäit geet d'Responsabilitéit vun de betraffene Plattformen, wa Clienten duerch esou Bedruch finanziell Schied erleiden? Ginn et Richtlinne fir Entschiedegungen?
6. Wéi oft goufen an der rezenter Vergaangenheet Täter an esou Fäll ermëttelt respektiv verurteelt?


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

7. Wat solle betraffe Persoune maachen, fir séier a virun allem onbürokratesch Hëllef ze kréien?
8. Wéi gesäit d'Koordinatioun tëschent de betraffene privaten Acteure (z.B. Banken, LuxTrust) an de staatlechen Instanzen aus, fir zesummen eng effizient Reaktioun géint esou Bedruchsfäll ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

Ben Polidori
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu